Union Grand-Duc Adolphe

Informatioune fir d'UGDA-Veräiner
18/10/2021

MIR SINN ALL DEEL VUN DER LÉISUNG

Gülteg bis den 18. Dezember 2021

Niewent den allgemenge Sanitär-Reegele sinn ze befollegen:

Museken / Blosensembel

- Bis 10 Musikanten: keng Mask, keng Ofstandsreegelung
- **Am Musekssall an am Fräien:**
  Blosmusek-Ensembele bis **50 Musikanten** sinn erlaabt.
  Ofstand vun 2 Meter tëschent de Musikanten anhalen.
  Mask ob fräiwëlleger Basis (fir déi Musikanten, déi kee Blosinstrument spillen).
- **Keng Restriktiounen ënnert dem Regime Covid check.**

Instrumentalensembelen (Perkussioun, Gittar, Mandolinn, Akkordeon) / Gesangsveräiner

- Bis 10 Persounen: keng Mask, keng Ofstandsreegelung
- **Am Musekssall an am Fräien:**
  bis **50 Persounen** sinn erlaabt.
  Ofstand vun 2 Meter anhalen. Mask ob fräiwëlleger Basis.
- **Keng Restriktiounen ënnert dem Regime Covid check.**

Folklorgruppen

- Bis 10 Dänzer: keng Mask, keng Ofstandsreegelung.

iwwer 10 Leit sinn erlaabt ënnert folgende Konditiounen:

- Ofstand vun 2 Meter **oder** d'Mask droen,
- de Sall muss 10 m^2 pro Persoun grouss sinn,
- ausserhalb vun der Gruppenaktivitéit muss d'Mask gedroe ginn.
- Am Vestiaire sinn net méi wéi 10 Persounen erlaabt, mat Mask **oder** 2 Meter Ofstand.
- **Keng Restriktiounen ënnert dem Regime Covid check.**

Theatergruppen

- keng Restriktiounen.

Esoubal den Acteur d'Bühn verléisst ass Maskepflicht. Maskepflicht ass och fir all déi Leit, déi net op der Bühn stinn (Regisseur, Technik, etc.).

Versammlungen

Fir d'Versammlunge musse folgend Reegele respektéiert ginn:

- bis 10 Persoune – mat Mask – ouni Ofstand.
- bis 50 Persoune – mat Mask – Ofstand vun 2 Meter (*).
- bis 2.000 Persoune – mat Mask – Ofstand vun 2 Meter – Sëtzplaze (*).

(*) Et kënne Gruppe vu 4 Persoune gemaach ginn, mat Mask, ouni Distanz am Grupp. Tëschent de Gruppe muss 2 Meter Distanz agehale ginn.

- **Keng Restriktiounen ënnert dem Regime Covid check.**

Concerten am Sall oder am Fräie si méiglech!

- bis 50 Persounen: mat Mask – 2 Meter Ofstand (*).
- bis 2.000 Persounen: mat Mask – 2 Meter Ofstand – Sëtzplazen (*).
- D'Musikante/Sänger/Dänzer op der Bühn zielen **net** zu deenen 2.000 Leit.
- Kee Gedrénks oder Iessen.

(*) Et kënne Gruppe vu 4 Persoune gemaach ginn, mat Mask, ouni Distanz am Grupp. Tëschent de Gruppe muss 2 Meter Distanz agehale ginn.

- **Keng Restriktiounen ënnert dem Regime Covid check.**

Hämmelsmarsch

- bis 50 Persounen am Grupp.
- 2 Meter Ofstand mussen zu all Moment agehale ginn, wann net, muss d'Mask gedroe ginn!
- Déi Persoune wou ophiewen, mussen d'Mask droen.

Et gëtt ofgerode fir d'Schellen ze drécken, ophiewen ass erlaabt, als Alternativ gëtt awer den Don per Virement oder aner digital Bezuelung ugeroden.

Generalversammlungen

Kënne per Visiokonferenz, per Courrier oder "en présentiel" gemaach ginn.
Leschten Delai fir d'Generalversammlunge vun 2020 ass den **31. Dezember** 2021.

Catering

Kee Gedrénks/Iessen no der Prouf oder wärend/no engem Concert. Ausnahm: Covid-check.

Antigen Schnelltester

Net certifizéiert Schnelltester gi nach just bis den 31. Oktober 2021 offiziell acceptéiert.

D'Schnelltester, och déi di d'UGDA un d'Veräiner verdeelt huet, kënne certifizéiert ginn vu folgende Leit, déi hire Beruff hei am Land ausféieren:

Dokter, Apdikter, Aide-soignant, Assistant technique médical, Infirmier, Infirmier en anesthésie et réanimation, Infirmier en pédiatrie, Infirmier psychiatrique, Infirmier gradué, Sage-femme, Asslstant d'hygiène sociale, Laborant, Masseur-kinésithérapeute, Ostéopathe.

Den certifizéierte Schnelltest ass 48 Stonne laang valabel.

Covid check

De Covid check ass e Regime dee fir Prouwen, Concerten oder Versammlungen sollt gebraucht ginn. Konditioun fir dee Regime ass, datt sämtlech Persounen ënnert den 3G (Genesen, Getest, Geimpft) falen. Dëst zielt esouwuel fir de Public, wéi fir d'Musikanten/Sänger/Dänzer, wéi och fir d'Personal ronderëm. De Covid check gëtt pro Dag ugemellt, deemno kann e Veräin de Covid check fir säi Proufdag umellen a separat fir en aneren Dag fir e Concert.

De Covid check ass fir Aktivitéiten (Prouwen a Concerten) an engem Sall, an am Fräien.

Bis 2.000 Leit ass de Covid check per Mail bei der Direction de la Santé unzemellen. Et gëtt e spezielle Formulaire dofir (https://covid19.public.lu/lb/covidcheck/system/notification.html). Déi Notifikatioun muss am VIRAUS gemaach ginn. Et kritt een keng Äntwert vun der Santé, mee wann eng Kontroll ass, kann esou kontrolléiert ginn op d'Evenement gemellt ass.

De Raum wou d'Prouf oder de Concert ofgehale gëtt, muss präzis ugi ginn. Am Fräien muss de Perimeter genau determinéiert ginn.

Et muss ugekënnegt ginn, datt de Concert am Regime vum Covid check ofgehale gëtt, dat muss och esou affichéiert sinn. D'Plaz am Fräien, wou de Concert ass, soll clôturéiert sinn, getrennten Entrée a Sortie hunn, mat all Kéiers Kontrollen op der Plaz, déi vum Ufank bis zum Schluss vun der Manifestatioun permanent présent musse sinn. De Link fir d'App erofzelueden ass op https://covid19.public.lu/lb.html

ze fannen oder op www.ugda.lu.

Persounen, déi keen Certificat oder keen certifizéierten Schnelltest hunn, däerfen net un enger Prouf / Concert / Evenement ënnert dem Regime Covid-check deelhuelen.

Ausnahm: Kanner ënner 12 Joer + 2 Méint brauche keen Certificat.

En Organisateur vun engem Event, deen e Bännercher-System benotzt, muss conforme si mam Dateschutz-Gesetz. Dës Bännercher däerfe net uweisen, wéi eng Gäscht geimpft, getest, nees gesond sinn oder een Test op der Plaz gemaach hunn. (question parlementaire urgente du 19 juillet 2021 concernant l'application Covid check).

Duerch Dateschutzgesetz däerfe keng Lëschte gefouert ginn, ween geimpft, getest, genesen oder wien net ënnert d'3G Reegelung fällt. De Covid-check muss fir all Prouf/Concert nei gemaach ginn.

Duerch de Covid check ginn all Restriktiounen opgehuewen. Keng Mask, keen Ofstand fir sämtlech Persounen. Et dierf och Iessen a Gedrénks zerwéiert ginn. Iessen a Gedrénks ka vum Veräin selwer gemaach ginn.

Professionelle Kader

Am professionelle Kader ass d'Maskepflicht an d'Distanzreegelung opgehuewen (Covid Gesetz vum 18.10.2021 - Art. 4.4).

Den Text hei hannendrun, deen an engem Dépliant vun der Direction de la Santé steet huet keng gesetzlech Basis an ass deemno eng Faveur fir déi Veräiner déi net kënne mat Distanzreegelung oder mat Covid-check hir Aktivitéiten duerféieren.

« Est considéré comme cadre professionnel toute organisation d'une manifestation culturelle, et représentation, par une structure publique (service étatique ou communal) ou privée, telle que Asbl, fédération, Sarl et autres, ayant entre autres pour objet social l'organisation d'activités artistiques, culturelles ou socio-culturelles. »

D'Limitatioun vun 50 Leit zielt den Moment och net méi. Et mussen awer zu all Moment d'Geste Barrière agehalen ginn, wann de Musikant/Sänger seng Plaz verléisst.

Grondreegelen (recommandéiert):

1. **Eng Persoun, déi sech krank fillt, soll net un enger Prouf/un engem Concert deelhuelen, fir sech selwer a seng Veräinskolleegen ze schützen.**
2. **Maskepflicht:**
   - Ëmmer mat Mask, esoubal e Musikant (Bléiser) seng Plaz um Pult verléisst! (ausser am Regime Covid-check).
3. **Organisatioun:**
   - Fest Sëtzuerdnung, déi fir all Prouf déi selwecht ass.
   - Presenzlëschte féieren.
4. **Méi grouss Hygiène:**
   - An de Säll gëtt et Desinfektiounsmaterial fir d'Hänn, Pulter, Still an eventuell d'Instrumenter.
   - Desinfektioun vun den Hänn vir a no der Prouf.
   - Desinfektioun vun Noutepulter a Still no all Gebrauch.
   - Kondenswaasser vun de Bléiser muss mat adequate Mëttel opgefaange ginn, z.B. Usträicherfliess, deen no all Prouf entsuergt gëtt.
   - Reegelméisseg de Buedem vum Sall an all Miwwel a Partien, déi vu ville Leit ugepaakt ginn, desinfizéieren.
   - Instrumenter no all Prouf botzen.

5. **Reegelméisseg lëften:**
   De Sall all 20 Minutte gutt duerchlëften.

6. **Individualiséierung vum Material:**
   - Partiture verdeele mat engem Minimum un Hänn déi sech dodru bedeelegen, idealerweis nëmmen den Dirigent oder den Archivar.
   - Beim Spillermaterial, besonnesch Perkussioun, jiddereen seng eege Bengelen, mee och kléngt Material op fest Spiller opdeelen, déi dann och fir d'Maintenance verantwortlech sinn. Keng Instrumenter, Mondstécker oder Bliedercher tauschen.

7. **Instrumentekëschten an Etuien:**
   Am Beschten an engem separate Sall d'Instrument aus- an apaken. Instrumentekëschten an Etuien déi wärend der Prouf am Sall sinn, zoumaachen a beim Verloosse vum Sall desinfizéieren.

Fir net nees e komplette Stëllstand vun de kulturelle Veräiner ze provozéieren, ënnerstëtzt d'UGDA d'Impfcampagne vun der Regierung a recommandéiert senge Memberen sech impfen ze loosse wann et méiglech ass.